Lëtzebuerger
duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

In Memoriam Jörg Zink

Den 9. September 2016 ass am Alter vun 93 Joer de Jörg Zink gestuerwen. Hien ass 1922 gebuer ginn an Hessen. En huet seng Elteren, wéi dat deemools vill de Fall war, allebéid ganz jonk duerch déi sougenannt Auszehrung, dat war normalerweis Tuberkulos, verluer, ass du vun enger zweeter Mamm zu Ulm opgezu ginn. Am 2. Weltkrich war de Jörg Zink Pilot, en ass e puermol ofgeschoss ginn, souguer iwwer dem Atlantik, awer erëm gerett ginn. En huet du ugefaange fir där Welt, déi en do erlieft huet, där Grausamkeet, ze entkommen, Literatur studéiert an en huet verschidde Klassiker einfach auswenneg geléiert. En ass als radikale Pazifist an e Mënsch, deen no Gott gesicht huet, aus der Gefaangenschaft zréckkomm. D'Biergpriedegt, sou huet en ëmmer erëm betount, muss keng Utopie bleiwen, mä se ass e Weeweiser wéi d'Mechanisme vun der Muecht an der Gewalt kënnen duerchbrach ginn an esou dat Räich vum Herrgott duerchschéngt, an dat real, Dag fir Dag, an och politesch.

Dëse Mann, Jörg Zink, Theolog, Geeschteswëssenschaftler, fir verschiddener souguer Mystiker, huet mech gepréägt als jonken Theolog an als Kaploun, a seng Bicher, en huet der méi wéi 200 geschriwwen, hu mech begleet. Eent, wat ech nach haut heiansdo an d'Hand huelen, ass 1970, also dat Joer viru menger Priesterweih, an 2. Oplag erauskomm an zwar 40.000 mol. Dat muss een sech mol virstellen an et heescht: «Wie wir beten können» am Kreuz Verlag erauskomm. Fir déi, déi et interesséiert, et ass nach haut derwäert sech et unzeschafen an dran ze liesen. Dat lescht Buch wat hie geschriwwen huet dat heescht: «Geheimnis des Sterbens». Dat Buch, dat ass e ganz einfacht Buch, awer wou e beschreift wéi wäertvoll et ass, datt grad de Stierwenden, den Nokommen, de Kanner, de Kandskanner, de Frënn, de Bekannten e gutt Wuert mat



op de Wee gëtt. *«Indem man das Zeitliche segnet»* sou heescht et jo ëmmer erëm, «dann blickt er noch einmal freundlich auf alles zurück was geschehen ist, und das führt alle Kräfte, die vergehenden und die vergangenen, den Zurückbleibenden zu. Er stärkt damit das Leben und die Liebeskräfte in dieser Welt.»

Jo, dat war de Jörg Zink, deen net nëmmen um Priedegtstull, am Alldag vu senge Rieden, mä a sengem ganzen Denken eng Zäitepoch gepréägt huet, an deen och seng politesch Konsequenzen aus sengem Denke gezunn huet. Hie war ee vun deene wichtegste Spriecher vun der Friddensbewegung, hie war ee vun deenen éischten, deen de Ruff «Schöpfung bewahren» als eng Fuerderung, an zwar eng reliéis Fuerderung, formuléiert huet.

Am Alter vun 90 Joer huet en op eng fantastesch Aart a Weis seng theologesch Reflexioune weidergefuer. Déi lescht Kéier grouss opgetrueden ass en 2011 zu Dresden, wou en Äddi gesot huet a vill Leit, déi en do héieren hunn, haten Tréinen an den Aen. Si woussten datt dat dunn de Schluss war.

Erlaabt mer datt ech einfach elo e Stéck zitéieren aus deem Buch wat ech genannt hunn: «Wie wir beten können» an zwar huelen ech do eppes ganz Banales. En huet e Kapitel an deem Buch S. 60 iwwerschriwwen: Gebete aus der Zeitung «Wenn du die Zeitung liest dann achte auf die Schicksale. Achte auf die Gewalttaten, die Lügen, die verborgenen Tatsachen, die Vorgänge hinter den Worten. In der Regel sind es nicht die Sensationen, auf die es ankommt, sondern das kleine Glück, das Elend, das hinter den Annoncen stehende Leid. Suche nach der Krankheit in der Gemeinschaft der Menschen, nach Schuld und Sühne, nach dem guten Willen und dem geringen Können. Nach den Verhältnissen, die es zu ändern gilt, die um der Menschen und ihrer Schicksale Willen nicht so bleiben können.»

An da gëtt e Beispiller. Ech zitéieren der elo e puer dervun:

Ich lese: «Rentner lag drei Tage lang hilflos in seiner Küche.» Und denke an die Verlassenen denen niemand antwortet, wenn sie rufen.

Fortsetzung op der Säit 12

LLJ•News

Eng nei sprëtzeg Zeitung fir eis Associatiounen

Eng iwwerschaffte Versioun vun der Verbandszeitung vun der „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l." (LLJ) läit lech vir. Si gëtt ënner dem Numm **„LLJ.News"** publizéiert an ersetzt d'„Duerf" dann definitiv vum Januar 2017 un.

Wéi eis Presidentin Nelly Meyers an hirem Virwuert vun dëser 1. Ausgab bemierkt, wëssen d'Insider, datt eis Associatiounen zënter de Statutenännerungen (Abrëll 2016) ënner enger neier Struktur funktionéieren. Dat huet verständlecherweis eng Rei méi oder manner grouss Ännerunge mat sech bruecht. Eng vun dëse siichtbaren Ännerungen huet sech op eis Zeitung, déi ëmmerhi schonn zënter 1945 ënner dem Titel „Duerf" publizéiert ginn ass, ausgewierkt.

An engem Aarbechtsgrupp hu mir äis deemno iwwer d'Joer 2016 erduerch Gedanke gemaach an äis regelméisseg zesummegesat, fir en neit Konzept fir d'Zeitung auszeschaffen.

Inhaltlech setze mir den Akzent op d'Aktivitéiten, respektiv déi markant

Evenementer vun eisen Associatiounen an de regionale Gruppe vun der LLJ – dat mat méi Fotoen, déi fir sech schwätzen – an deemno mat manner Text. Déi regional LLJ-Gruppe wäerten och selwer turnusméisseg déi eng oder aner Säit pro Ausgab gestalten. Verständlecherweis kënnt d'Kooperatiounsaarbecht, déi d'ONG *„Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l."* an Afrika leescht, an déi e wichtege Bestanddeel vun eisen Associatiounen duerstellt, am neien LLJ.News net ze kuerz.

Mir hoffen, datt lech déi nei Zeitung gefält a wënschen lech elo scho vill Spaass beim Entdecke vun dëser – wéi mir iwwerzeegt sinn – sprëtzeger neier Ausgab vun eisem Verbandsblat.

Wann Dir net Member vun der LLJ sidd an um **LLJ.News** interesséiert sidd, kënnt Dir äis kontaktéieren: per E-mail: secretariat@jongbaueren.lu oder per Telefon: 44743 – 252.

D'Jorescotisatioun fir d'Memberschaft (LLJ) gëtt en Urecht op 4 Zeitungen/Joer: **10 €**.

Nächst Publikatiounen: 29. Mäerz, 28. Juni, 27. September, 27. Dezember 2017

Bestellung vum Landjugendkalenner 2017 (Eenzelpräis: 15 €)

Mir weisen drop hin, datt eng nei flott Oplag vum Landjugendkalenner fir d'Joer 2017 an der Preparatioun ass an elo scho bestallt ka ginn:

Per Fax: 44743 – 563
per E-mail: secretariat@jongbaueren.lu
oder mat der Post un:

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 Luxembourg

Heimat bestellen ech

Numm: .....

Virnumm: .....

Adress: .....

.....

Telefon: .....

de Landjugendkalenner 2017

Zuel vu Kalenneren: .....

No der Iwwerweisung op de CCPL-Kont IBAN LU12 1111 0040 0831 0000 (Vermierk: Landjugendkalenner 2017) vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. kritt Dir de Kalenner ufanks Dezember 2016 mat der Post heemgeschéckt:

Jongbauerendag 2016

Der Gastredner

Bernd Lührmann (Dipl.-Ing. agrar FH),

Jahrgang 1971, ist verheiratet und hat einen Sohn.

Nach Abschluss der landwirtschaftlichen Ausbildung absolvierte er ein Studium an der Fachhochschule Osnabrück (Fachbereich Agrarwissenschaften) mit dem Schwerpunkt Tierproduktion und Betriebswirtschaft. Nach gut viereinhalbjähriger Tätigkeit als Ringleiter beim Beratungsring für den Altkreis Wittlage e.V., nahm er am 1. Juli 2001 seine Tätigkeit als Unternehmensberater bei der Landwirtschaftskammer Niedersachsen auf. Sein Arbeitsschwerpunkt liegt in der Finanzierung, der betriebswirtschaftlichen Optimierung und langfristigen Ausrichtung der landwirtschaftlichen Betriebe.

Zudem nahm er in den SS 2007 bis SS 2013 einen Lehrauftrag an der Hochschule Osnabrück (Fakultät Agrarwissenschaften, Vorlesung Herdenmanagement) wahr.

Darüber hinaus ist er Gutachter für den Milchlandpreis der Landesvereinigung der Milchwirtschaft Niedersachsen e.V. (Goldene Olga), niedersächsischer Vertreter in der DLG Arbeitsgruppe Spitzenbetriebe Milcherzeugung sowie Mitglied im DLG Ausschuss Milchproduktion und Rinderhaltung.

Kontaktadresse

Bernd Lührmann (Dipl.-Ing. agrar FH),
Landwirtschaftskammer Niedersachsen
Bezirksstelle Osnabrück
Am Schölerberg 7
49082 Osnabrück
Tel.: +49 541 – 56008-133
Fax: +49 541 – 56008-99133
bernd.luehrmann@lwk-niedersachsen.de

Lebenslauf

Geboren am:	6. Februar 1971
Familienstand:	verheiratet, einen Sohn
1977 – 1987	allgemeinbildende Schulen
1987 – 1990	landwirtschaftliche Lehre
1990 – 1991	Fachoberschule (Abschluss: Fachhochschulreife)
1991 – 1992	Grundwehrdienst bei der Bundeswehr
1992 – 30.10.1996	Studium an der Fachhochschule Osnabrück (Diplomarbeit: „Situationsanalyse der Eutergesundheit auf Praxisbetrieben")
01.11.96 bis 30.06.2001	Ringleiter beim Beratungsring für den Altkreis Wittlage e.V.. Zuständig für die betriebswirtschaftliche und produktionstechnische Beratung der rindviehhaltenden Betriebe, ab Juli 1998 auch zuständig für die Geschäftsführung des Beratungsringes
Seit 1. Juli 2001	Unternehmensberater bei der Landwirtschaftskammer Niedersachsen in der Bezirksstelle Osnabrück. Schwerpunkt der Arbeit ist die Finanzierung sowie die betriebswirtschaftliche Optimierung und die langfristige Ausrichtung der landwirtschaftlichen Betriebe.
Zusätzlich SS 2007 bis SS 2013	Lehrauftrag an der Hochschule Osnabrück (Fakultät Agrarwissenschaften, Vorlesung Herdenmanagement)

Weitere Aktivitäten

- Gutachter für den Milchlandpreis der Landesvereinigung der Milchwirtschaft Niedersachsen e.V. (Goldene Olga)
- Niedersächsischer Vertreter in der DLG Arbeitsgruppe Spitzenbetriebe Milcherzeugung
- Mitglied im DLG Ausschuss Milchproduktion und Rinderhaltung.

Jongbauerendag 2016

Die Zukunft der Milcherzeugung gestalten

Vortrag von Herrn Bernd Lührmann, Dipl.-Ing. (agr.)

Innerhalb seines Vortrages, wird Herr Bernd Lührmann, Dipl.-Ing. (agr.), folgende Themenbereiche behandeln:

- Volatilität des (Milch)Marktes
- Jeder Betriebsleiter sollte seine eigene Strategie für die Zukunft haben:
  - Wo steht der Betrieb?
  - Wo soll er hin?
  - Was ist am Standort / mit den Rahmenbedingungen möglich?
- Wachsen oder Weichen als Strategie?

  Sicher nicht, aber jeder muss seinen Betrieb und seine Betriebskosten prüfen und positiv entwickeln. Aber natürlich sind auch auf der Ertragsseite Möglichkeiten um die Einnahmen zu erhöhen! Insofern steht Wachsen nicht für größer sondern für Entwickeln: Effizienz, Rentabilität und Liquidität weiterentwickeln!

D'Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren

hunn d'Éier, lech op hiren dësjärege

Jongbauerendag

ze invitéieren

e Sonndeg, den 20. November 2016

am Festsall vum **Lycée Technique Agricole** zu Ettelbréck

Ufank: 20:00 Auer

Thema:

Die Zukunft der Luxemburger Landwirtschaft gestalten

Programm

1. Begréissung duerch den oftriedenden LLJ-Nationalpresident Jeff BOONEN
2. Virstellung vum neien LLJ-Nationalpresident Marc ROEDER
3. Grousswuert vum Här Generalvikar Leo WAGENER, a Vertriedung vum Här Äerzbëschof Mgr Jean-Claude HOLLERICH
4. Referat vum Här Bernd LÜHRMANN (Dipl.-Ing. agrar FH) zum Thema: *Die Zukunft der Milcherzeugung gestalten*
5. Agrarpolitesch Stellungnahm, virgedroe vum Fränz SCHLECHTER, Vizepresident vun der LLJ
6. Schlusswuert vum Här Fernand ETGEN, Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a Verbraucherschutz
7. Éierewäin am Festsall vum LTA

Weider Detailer zum Jongbauerendag 2016 ënner www.jongbaueren.lu

Interventioun vum Jeff Boonen zum Thema Landwirtschaft um CSV Konvent

Op Aluedung vum CSV-Fraktiounspresident Claude WISELER hat de Jeff Boonen, President vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren, d'Geleeënheet, fir um rezenten CSV Konvent op d'Landwirtschaft anzegoen.

Dësweidere goufen an deem Kader och d'Themen „Start-up Entreprisen" an de „Benevolat" (Caritas, Stëmm vun der Strooss) duerch verschidden Intervenanten ugeschwat.

Pressekonferenz zur Image-Campagne „Landwirtschaft"

A Präsenz vum Landwirtschaftsminister Fernand Etgen, de Vertrieder aus der zoustänneger Chamberkommissioun, verschiddenen Acteuren aus der Landwirtschaft, der Press – wéi dem „Lëtzebuerger Journal", dem „Luxemburger Wort", dem RTL (Tëlee a Radio) an der Fachzeitung „Ziichter" – a virun allem ville Jonke vun der Associatioun vun der „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren", déi sech aktiv un der Preparatioun vun der d'Campagne am Interessi vun der Landwirtschaft abruecht hunn, ass de Mëtteg (27/09/2016) zu Wickreng „An Haffen" am Kader vun enger Pressekonferenz offiziell d'Image-Campagne „Landwirtschaft" lancéiert ginn.

Wéi de Jeff Boonen, LLJ-President, de Marc Jacobs, President vum Grupp Zuucht, an de Jérôme Reuter, Zoustännege fir d'Campagne, et betount hunn, ziilt d'Aktioun dorop eraus, fir de Konsumenten d'Wichtegkeet vun der Landwirtschaft erëm méi nozebréngen. Iwwer d'Aktioun, déi sech iwwer eng länger Zäit hinzitt, soll de Konsument e konkret an éierlecht Bild vun deem vermëttelt ginn, wat Produzente fir den Endverbraucher leeschten.

Vill weider Informatiounen ënner www.fro-de-bauer.lu an op Facebook: https://www.facebook.com/Frodebauer/?fref=ts

Réalisation d'un complexe scolaire à Zambélé au Burkina Faso

Notre partenariat avec le village de Zambélé avait déjà débuté en 2015 afin de permettre aux enfants vivant dans cette commune rurale pauvre et aride d'accéder à l'éducation primaire. A ce moment-là, l'école ne disposait que de 3 salles de classe et était dans l'impossibilité d'organiser les 6 niveaux du primaire en même temps. Notre première action sur le site a donc consisté à ajouter 3 salles de classe pour normaliser les capacités d'accueil de l'école primaire, et à approvisionner l'école et le village en eau potable.

Le dynamisme et la compétence du CVD de Zambélé, ainsi que l'implication active de toute la population locale, dans le bon déroulement de ce premier projet (2015-2016) nous ont motivé à poursuivre notre action sur le site avec un second projet (2016-2019). Cette fois, l'objectif visé est de développer l'infrastructure scolaire existante pour permettre aux enfants, les filles en particulier, d'accéder à d'autres niveaux d'enseignement (préscolaire et post-primaire) et assurer ainsi la continuité de leur formation à proximité de leur village.

Le projet s'adresse directement aux populations de Zambélé et de 11 villages environnants dans un rayon de 7-8 km, soit 19 500 habitants, dont 9 000 enfants et jeunes de moins de 15 ans.

La création du complexe scolaire de Zambélé vise principalement à :

- Construire des classes de maternelle et de post-primaire (Collège d'enseignement général), un bâtiment administratif, une cuisine scolaire et un réfectoire
- Fournir des meubles, équipements, et matériels pédagogiques

Au terme du projet, au moins 1 000 enfants/jeunes seront scolarisés chaque année et bénéficieront d'un encadrement et d'un environnement scolaire de qualité. Le complexe scolaire sera un établissement public, où les enseignants et le personnel administratif seront nommés et rémunérés par l'état burkinabè.

Jacqueline Monville
Chargée de projets

COP21, TTIP & CETA, Laudato si

Haben diese vier Gebilde etwas gemeinsam? Ja und nein. Unser Bild zeigt die Anti-TTIP&CETA-Demonstration vom 8. Oktober in Luxemburg an der über viertausend Leute teilnahmen. Wir hatten in unserer *aktioun* von Januar über die Weltklimakonferenz COP 21 in Paris und in der Juli-August-Nummer über TTIP-CETA berichtet. Da der kanadische Premierminister Trudeau im Frühjahr 2017 zur EU-Kommission in Brüssel kommen soll um das Freihandelsabkommen CETA mit Kanada zu unterschreiben müssen die nationalen Parlamente noch ihre Zustimmung geben. Bei uns soll dies noch im Oktober geschehen. Die Sprecher gelegentlich der Kundgebung lehnen jedoch TTIP und CETA ab. Diese führen nur zu einer weiteren Vertiefung der Marktliberalisierung im Interesse der multinationalen Konzerne. Die in Aussicht gestellten Zusatzprotokolle sind nur Makulatur und können, ja dürfen an den eigentlichen Abkommen nichts ändern. Wir hoffen dass unsere Politiker sich nicht mit einem ‚Ja' zu diesen Verhandlungen schuldig machen, so die Sprecher der Demo.

Die auf der COP21 geäußerten Ambitionen können verwirklicht werden da bisher 74 Staaten das Abkommen ratifiziert haben, die Mindestquote von 55 ist somit überschritten. Die dort ausgehandelten Punkte betreffend Klimaveränderungen

(z.B. Reduzierung des Ausstoßes von Treibhausgasen) und ein Stoppen der Ausbeutung der Rohstoffe sind ganz im Sinne von *Laudato si*. Dieses Schreiben betont auch die soziale Komponente. Doch damit steht es stellenweise schlecht: laut den kanadischen Gewerkschaften sind beim Inkrafttreten des CETA-Abkommens in Kanada sofort 23.000 Arbeitsplätze bedroht. Seien wir also wachsam!

GJF

Accueillir

Accueillir
est un dérangement
car celui qui vient
casse nos habitudes
et nous oblige à
déplacer les meubles
pour qu'il y ait de la place
et à décorer la maison
en signe d'attente.

Accueillir
est une disposition du coeur
car il faut écouter et regarder
en premier celui qui vient.

Accueillir
est une disponibilité
car il faut s'occuper
en premier
de celui qui vient
et le servir.

Accueillir
est une fête
puisque la vie est éclairée
d'amitié et de confiance
par celui qui vient
et que sa présence
est comme une chaleur.

Accueillir
est une grâce

prière Diocèse de Strasbourg

Fortsetzung vun der Säit 1

Ich lese: «In der Nacht zum Donnerstag wurde in ein Elektrogeschäft eingebrochen. Zwei junge Burschen…» Und ich denke an die Erfahrungen, die die beiden im Laufe ihres jungen Lebens mit der Welt der Erwachsenen gemacht haben müssen, ehe sie die Scheibe einschlugen.

Ich lese: «Geld wie Heu verdienen viele, die sich von uns beraten ließen.» Und ich denke an die Träume der Millionen von großem Geldsegen. An die Enttäuschungen. An die Ehen, die an den Schulden zerbrechen. An die Lügen, die nötig sind, um an denen zu verdienen, die der Annonce Glauben schenken.

Ich lese: «Bei Zusammenstößen zwischen der Polizei und Arbeitern sind 4 Personen getötet worden.» Ich denke an alles Unrecht, das vorangegangen sein muß, ehe die Arbeiter und die Polizisten zusammenstießen. Wer nicht weiß, was er beten soll, lese die Zeitung.

Léif Frënn,

dat ass nach haut richteg a wichteg. D'Welt an där mer dra liewen déi brauch d'Gebiet, déi brauch déi Kraaft déi mer doranner schäffe fir net un eiser eegener Dommheet, un der Grausamkeet vun de Mënschen an un der Onéierlechkeet ze verzweiwelen. ‚Mir brauche keng Angscht ze hunn', och eent vun deene grousse Wieder vum Jörg Zink.

Fernand Huberty
Aumônier

Impressum

Herausgabe:
ACML
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 LUXEMBOURG

Verantwortung:
Aktioun:
Fernand Huberty *44743-251*
Jean-Paul Schneider *44743-251*

Duerf:
Romain Richer *44 743-562*
Franz Glodt *44 743-252*

Druck:
Saint-Paul Luxembourg

Erscheinungsdatum:
zehn mal jährlich